Dikricher Guiden a Scouten

AvEx • 1. Trimester 2018/19

36 am Floss • L-9232 Dikrich
avex@diekirch.lgs.lu • http://diekirch.lgs.lu

Léif AvEx, léif Elteren,

mir freeën eis drop iech rëmzeginn, resp. déi nei Gesiichter kennen ze leieren.

Hei hannendrun fannt dir de Programm fir dat éischt Trimester an hei drënner e puer allgemeng Informatiounen.

Eis Versammlungen sinn wéi ëmmer Freides Owes vun **18h30 bis 20h00** an eisem Home zu Dikrich am Floss.

D'**Kotisatioun** fir dat ganzt Joer bedréit 15€. Hues du allerdéngs nach méi al Geschwëster déi och an den Dikricher Guiden a Scoute sinn, dann muss du nëmmen 12€ bezuelen. Iwwerweist déi w.e.g. bis **spéitstens den 5. Oktober** mam Vermierk **'KOTISATIOUN Numm+Virnumm vum AvEx'** op eise Konto.
(Kontosnummer fënns de ënner 'Kontakt')

Hei hannendrun fënns du och nach eist **Informatiounsblat.** Dëst beinhalt wichteg Kontaktinformatiounen, d'Fiche Médicale an d'Autorisation Parentale. Dëst Informatiounsblat solls du sou séier wéi Méiglech vun dengen Elteren ausfëllen loossen a mat an d'Versammlung bréngen, oder per Post schécken. Daat brauchen mir och nees bis **spéitstens den 5. Oktober.**

Wanns du nach keng **Uniform** hues oder eng nei brauchs, maachen mir eng Sammelbestellung am Shop. Komm dofir bis spéitstens den 5. Oktober no der Versammlung enker bei eis. Mir hunn eng Partie Hiemer fir unzemoossen am Floss leien. Een Hiem kascht je no Gréisst tëschent 41€ a 45€.

Du kanns awer och selwer an de Shop an d'Staat fueren. Hei fënns de allméiglecht Scoutsmaterial. D'Adress fënns de och erëm ënner 'Kontakt'.

Op eisem **Internet Site** (http://diekirch.lgs.lu) fënns du regelméisseg déi neisten Informatiounen, wéi den aktuelle Bréif a Fotoe vun den Aktivitéiten. Mir hunn och ee Kalenner um Site, an de mer alleguerten eis Aktivitéiten dran schreiwen.

Mat beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Är Chefekipp,

Programm

Wéini?	Wou?	Waat?
14. September 2018	Am Floss	Kennenléierversammlung
21. September 2018		**keng Versammlung**
22. September 2018	Bei der Kierch	**Alkleedersammlung (Punkt 1)**
28. September 2018	Am Floss	Versammlung
05. Oktober 2018	Am Floss	Versammlung
06. Oktober 2018	Am Floss	**Kiermes (Punkt 2)**
12. Oktober 2018	Am Floss	**Parachuttage (Punkt 3)**
19. Oktober 2018	Am Floss	Versammlung
26. Oktober 2018		**keng Versammlung** (Vakanz)
03 - 04. November 2018		**Montéesweekend (Punkt 4)**
9. November 2018	Am Floss	Versammlung
16. November 2018	Am Floss	Versammlung
23. November 2018	Am Floss	Versammlung
30. November 2018	Am Floss	Versammlung
07. Dezember 2018	Am Floss	**Filmowend (Punkt 5)**
14. Dezember 2018	Am Floss	**Chrëschtversammlung (Punkt 6)**

1) Kolping Aktioun Aalt Gezei 2018

Wat	Wei all Joer maachen mir eis **B.A**. a ginn d'Aalt Gezei asammelen
Wéini	Samstes, 22. September 2018, ab 13 Auer bis +/- 16 Auer. Dono ginn mir je no Wieder eng Glace iessen oder een Schocki drénken
Wou	zu Dikrich bei der Kierch
	WICHTEG: Mir doen eisen Foulard un an bréngen eng Sëcherheetsveste mat!

2) Kiermes

Wat	Dirkricher Guiden a Scouten organiséieren och dëst Joer erëm eng Kiermes bei eis am Floss. Gebueden gëtt ee flott Mëttegiessen an Spiller fir Grouss a Kléng. Weider Infoen fann dir um Schluss vum Bréif. Mir sinn frou iech do mat der ganzer Famill ze gesinn :)
Wéini	Samstes, 06. Oktober 2018, um 11h30
Wou	Dikrich am Floss
Umellung	Fir d'Mëttegiessen muss Dir lech umellen per Email **bis den 02. Oktober** op kiermes@diekirch.lgs.lu Schreift och w.e.g dobäi ob dir eppes baken wëllt, an wat.

3) Parachuttage

Wat	Mir maachen een Parachutage. Dir musst eng Warnwest an dem Wieder entspriechend Gezei undoen, an e Bidon an eng Täscheluucht matbréngen.
Wéini	Den 13. Oktober 2017 vun **18h30 – 22h00**

4) Montéesweekend

Wat	Wéi all Joer maachen mir am éischten Trimester ee Montéesweekend zesummen mat deenen anere Branchen. Hei geet et drëms déi nei AvEx richteg an eiser Branch opzehuelen. Dowéinst kréien sie och dann ereischt hiren Foulard
Wou	Zu Dikrich am Floss
Matbréngen	Carrymatt, Schlofsak, Täscheluucht, Kleeder fir bei all Wieder, Fest Schong, feier fest Gamel Täschemesser, Wäschtruss, Kompass, Bic a Block, ...
Wéini	Samstes, den 3. November 10 Auer Sonndes, den 4. November 16 Auer
Umellung	Andeems du d'Participatioun vu 10€ bis den 19. Oktober mam Vermierk '*MoWe Numm+Virnumm vum Kand*' op eise Konto iwwerweis. [LGS-DIEKIRCH/AvEx] • BCEE IBAN LU06 0019 1755 9684 8000

5) Filmowend

Wat	Mir schléissen eis Expeditioun mat engem Filmowend of. Mir iessen zesummen an dann leeën mir eis gemittlech ob eis Isomat fir den Film ze genéissen.
Wéini	Vun Freides de 7. Dezember um 18:30 bis Samstes moies de 8. Dezember um 10:00
Wou	Am Floss
Umellung	Per email op avex@diekirch.lgs.lu **Wichteg: Bréngt är Isomat, Pyjama a Schlofsak mat. Denkt och un är Wäschsaachen an evt. ee Petzi** 😉

6) Chrëschtversammlung

Wat	An der Chrëschtversammlung wichtele mir. Dat heescht, jiddereen bréngt ee klenge Kaddo mat, an den verschenke mer dann ënnert eis. (Dëst soll eng Klengegkeet sinn; eppes selwer Gemaachtes)
Wéini	Freideg, den **15. Dezember** vun **18h30 bis 20h00**
Wou	zu Dikrich am Floss

Kontakt

Wanns du nach Froën hues, dann zéck net a mell dech bei eis!

E-mail: avex@diekirch.lgs.lu

Direkt :

Jang Thillen	Dikrich	691 713 711
Ben Martinez	Dikrich	691 537 877
Joyce Becker	Dikrich	
Anne Reis	Bastenduerf	
Lena Hertz	Uni	
Jeanne Lambert	Uni	

Internet: http://diekirch.lgs.lu/

Dikricher Guiden a Scouten a.s.b.l.

36 am Floss

L-9232 Dikrich

Bankverbindung • [LGS-DIEKIRCH/AvEx]

BCEE IBAN LU06 0019 1755 9684 8000

Wichteg: All Branche huet eng aner Kontosnummer!

LGS Shop ass elo nei Lessure Workwear

1, Rue Jean Origer
L-2269 Luxembourg